



Äerzbistum Lëtzebuerg
S. Em. Jean-Claude Kardinal Hollerich
B.P. 419

L-2019 Luxembourg

**Betreff: Responsum ad dubium vun der Glawens-Kongregatioun am
Zesummenhang mat der Seenung vu gläichgeschlechtliche Koppelen**

Luxembourg, den 01. Abrëll 2021

Rosa Lëtzebuerg asbl

BP 1037
L-1010 Luxembourg

info@rosaletzebuerg.lu
www.rosaletzebuerg.lu

RCS F287

LU48 1111 1287 3213 0000
CCPLULL

Eminenz,

An dësen Deeg, wou d'Chrëschten déi Léift feieren, déi alles schenkt, wëlle mir als Verwaltungsrot vu Rosa Lëtzebuerg lech eist Bedauern ausdrécken zum Responsum ad dubium vun der Glawens-Kongregatioun am Zesummenhang mat der Seenung vu gläichgeschlechtliche Koppelen.

Voller Hoffnung, an d'Chrëschten aus eiser Communautéit sécherlech och dankbar, hate mir d'Aussoe vum Pöpst Franziskus a vun lech selwer aus de leschte Joren zu dësem Thema zur Kenntnis geholl. Émsou méi grouss sinn eist Erstaunen an Enttäuschung iwwert dëst Vatikanesch Schreiwes an der Interpretatioun vun dësem duerch de Weibëschof Wagener.

Dëst alles entsprécht weder dem Verständnis vun der peepstlecher Entschëllegung fir all Forme vun Diskriminatioun vis-à-vis vun eiser Communautéit, an entsprécht och net deenen Dispositiounen déi mir eis erwaart hätten, an déi, déi gleeweg ënnert eis och bräichte fir hir Léift a Versprieche ënnert dem gedeelte Glawen, geschützt ze gesinn.

An dësem Dokument huet d'Kongregatioun fir Glawensléier ënnert dem Virsätz vum Präfekt, ärem Brudder am Kardinalskollegium an am Uerden, dem Kardinal Ladaria Ferrer SJ entscheet, datt déi réimesch-kathoulesch Kierch net iwwert d'Vollmuecht verfüügt, fir gläichgeschlechtlech Koppelen ze seenen.

Eis fält et schwéier d'Argumentatioun vun der Kongregatioun nozevollzéien an et stellt sech fir eis d'Fro, op et nach zäitgeméiss a glafwierdeg ass an der Thematik gerecht gëtt, dass eng Kongregatioun déi (mat Ausnam vu wéinege Consultanten) ausschliisslech aus Männer besteet déi zudeem duerch d'kierchlech Zölibatversprieche weder romantesch nach sexuell Partnerschaften liewen dierfen, mat esou Thema befaasst ass.

Rosa Lëtzebuerg asbl
is proud member of

ILGA
EUROPE





Mir wëlle mat dësem Bréif awer net op theologesch oder dogmatesch Argumentatioun vun der Kongregatioun agoen, just drop opmierksam maachen, dass dës Positioun vun der Kierch bei villen homosexuelle Gleewegen net just Onwuelsinn, mee och e Gefill vu Verstouss sinn ausléisst, Quitt, datt Diskriminéierung wuel net d'Absicht vun dësem Schreiwe war, sou ass se wuel awer als solch kloer doranner ze liesen.

Leeë mir d'Zuele vu gedeefte Katholicken a Membere vun der LGBTIQ+ Communautéit zu Lëtzebuerg iwwerteneen, esou gëtt engem d'Ausmooss bewosst, déi des Entscheidung op d'Äerzdiözes Lëtzebuerg huet.

Dowéinst géifen mir Iech, Eminenz, bidden et ville vun Äre Bridder am Bëschofsamt gläich ze maachen an déi Geeschlech, déi no beschem Wëssen a Gewëssen homosexuelle Koppelen de Seege spenden, dëst maachen ze loossen ouni dass et eventuell Konsequenze fir si géif hunn.

No der Äusserung vun Ärem Weibëschof a sengem Interview vum 20.03.2021 am Lëtzebuenger Wort, dee muncher engem immens wéi gedoen huet, well de Mgr Wagener net fir d'éischt de Mënsch, mee déi angeblech Problematik vun eise Bezéiunge gesäit, wollte mir froen, ob mir an der Kierch zu Lëtzebuerg wëllkomm sinn.

Am Sënn vun dem Dialog tëschent der LGBTIQ+ Communautéit an der kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg schloe mir vir, en diözesane Aarbechtsgrupp "Orientation sexuelle et identité de genre" an d'Liewen ze ruffen, wou mir vu Rosa Lëtzebuerg eis freeë géifen eis dierfe mat an ze bréngen. Esou wier ee regelméisseg Austausch garantéiert an esou kéint een gemeinam och un der Pastoral fir Homosexueller schaffen.

Mir hoffen, Eminenz, op e liewegen Dialog den am Sënn vun der Kierch an all deene ganz verschiddene Gleewegen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn.

Mat eise beschte Wënsch fir dës Ouschterdeeg,

De Conseil d'administration vu Rosa Lëtzebuerg

Rosa Lëtzebuerg asbl

BP 1037
L-1010 Luxembourg

info@rosaletzebuerg.lu
www.rosaletzebuerg.lu

RCS F287

LU48 1111 1287 3213 0000
CCPLULL

Rosa Lëtzebuerg asbl
is proud member of

ILGA
EUROPE

